

D'Jalone setzen, fir weiderhin eng gutt Jugendarbecht leeschten ze kënnen

Usprooch vum Remy Harpes,

President vum Daachverband Lëtzebuenger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer a.s.b.l.



Här Äerzbëschof,
Här Minister,
Här Buergermeeschter,
Léif Éiregäscht,
Léif Memberen a Frënn vun der Lëtzebuenger Landjugend,

Wann ech an deene leschte Joeren als President vun eiser Daachorganisatioun op engem Landjugenddag d'Wuert ergraff hunn, da war et ëmmer well Käpp an eise Reie gewiesselt hunn, sief et eise fréieren Nationalaumônier Leo Wagener, deen aner Funktiounen kritt huet oder eis laangjäreg Sekretärin Marie-Rose Kickert, déi an hir wuelverdëngte Pensioun gaangen ass oder d'Carmen Schiltz, wat säi Posten als Presidentin vun der Landjugend un d'Kim Siebenaller weiderginn huet.

Merci Kim

Dëst Joer ass et - wéi et schon an der Ried vum Kim ugedeit ginn ass - d'Kim selwer wat säi Posten zur Verfügung stellt. D'Kim ass 2004 der Landjugend Clärref bäigetrueden an ass 2012 do Caissière ginn. 2008 gouf d'Kim Member am Nationalcomité an ass dunn de 5. Abrëll 2013 Presidentin vun der Lëtzebuenger Landjugend ginn.

Kim, ech soen Dir am Numm vum Nationalcomité Merci fir Däin Engagement an Deng Aarbecht, déi's Du an all deene Joren am Interessi vun eise Verbänn gemaach hues. Du bass jo nach um Plange fir een neit Doheim fir Deng kleng Famill, dofir wousste mir net ganz konkret, wats Du elo brauchst. Mir iwuerreechen Dir hei e Bong, da kanns Du Dir selwer eppes eraussichen.

D'Nelly Meyers iwuerhëlt de Poste vun der Presidentin vun der Lëtzebuenger Landjugend

D'Kim gëtt säi Posten also haut offiziell weider un eng ganz engagéiert jonk Fra aus dem regionale Landjugendgrupp Zenter. D'Nelly Meyers ass zanter enger halwer Dose Joer Member an dësem Grupp a mëttlerweil och Trésorière. D'Nelly ass 2012 Member vum Nationalcomité ginn an iwuerhëlt haut d'Zigel

vun der Lëtzebuenger Landjugend. Am Numm vum ganze Comité wënschen ech Dir vill Freed a Satisfaktioun an Denger neier Funktioun.

E weidere Wiessel kënnegt sech un

Léif Leit,

Erlaabt mir awer nach e puer Wuert iwwert een anere Wiessel ze verléieren, deem mir zwar mat Zouversiicht, mee awer och mat enger gewësser Suerg entgéint kucken an nach net wëssen, wou déi Rees higeet.

Et ass nämlech esou, datt de Bistum scho viru Jorzéngten d'Noutwennegkeet erkannt huet, fir eis Verbänn ze ënnerstëtzen - an dëst op verschidde Manéieren. Dëst geschitt op logistescher Basis, doduerch datt mir Bureauraimlechkeeten zur Verfügung gestallt kréien. Donieft ënnerstëtzt de Bistum äis och op moralescher Basis, doduerch datt mir op een Aumônier zrëckgräife kënnen. Dee gréisste Punkt awer ass, dass de Bistum äis op personeller Basis ënnerstëtzt mat engem Permanent, dee 40 Stonne fir eis Verbänn schafft.

E grouse, grouse Merci un den Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich

All dës Ënnerstëtzunge genëisse mir schonn zënter laange Joren a si si fir äis scho bal esou normal, dass se vläicht net dacks genuch ernimmt goufen. Fir all dës Ënnerstëtzung, Här Äerzbischof, **e grouse, grouse Merci!**



Mat dem Accord vun der Trennung tëschent Kierch a Staat huet sech d'Situatioun fir d'Lëtzebuenger Kierch awer grondleeënd verännert. Mir kruten zwar vum Bistum verséichert, datt

eise Permanent net entlooss wäert ginn a seng lescht Jore bis zu senger Pensioun weider fir eis Verbänn ka schaffen. Wat awer duerno ass, weess nach keen, mee et schéngt äis awer kloer, datt all dës Ënnerstëtzungen an Zukunft reduzéiert wäerte ginn.

Ech gesinn eis Situatioun e bëssen als Nieweprodukt vun deem Accord tëscht Kierch a Staat, wou vläicht keen esou direkt dru geduecht huet, mee deen awer fir äis e groussen Impakt kritt.

Drop hoffen, datt deen zoustännege Ministère eis Verbänn net am Reen stoe léisst



Den Här Claude Meisch, Minister vun der Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, huet sech während senger Usprooch bereet erklärt, fir zum gegebenen Zäitpunkt op déi wichteg Iwwerleeunge vum Remy, wat d'Zukunft vun eise Verbänn betrëfft, anzegoen

Dir gesitt also Här Minister, net nëmmen de Ministère mee och d'Kierch huet an der Vergaangenheet aktiv Jugendarbecht geleescht. Mir konnte bis elo op eng gutt Zesummenaarbecht mat Ärem Ministère zrëckkucken, ech ginn dovun aus, datt mir och an Zukunft net am Reen wäerte stoe gelooss ginn.

Mir sinn elo amgaangen d'Situatioun ze analyséieren, fir ze kucken, wat an Zukunft op äis duerkomme wäert. Am Juli starte mir da mat engem Aarbechtsgrupp, deen d'Jalone fir d'Zukunft setze soll. Bis dohinner hu mir nach vill Aarbecht mam Organiséiere vun den Aktivitéiten op der Foire Agricole zu Ettelbréck - mee och dëst Joer ganz

besonnesch mat engem CEJA-Kongress, deen donneschdes virun der Foire de ganzen Dag iwwer zu Ettelbréck am CAPE stattfënnt. Hei komme Jongbaueren aus ganz Europa zesummen, fir iwwert d'Zukunft an der Landwirtschaft ze diskutéieren.

Ech wëll lech fir deen Dag elo scho ganz häerzlech invitéieren a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.